## VOTIVMASS VUN DER TREISCHTERIN AM LEED

### Liesung (2 Kor 1,3-7)

*L. Liesung aus dem zweete Bréif vum Apostel Paulus*
*un d'Chrëschten zu Korinth.*

Bridder a Schwësteren!
3 Gelueft sief de Gott a Papp
vun eiser Här Jesus Christus,
de Papp vum Erbaarmen a Gott vun all Trouscht,
4 deen äis an all eisem Leed tréischt,
fir datt mir déi tréischte kënnen,
déi iergendwéi am Leed sinn,
mat deem Trouscht,
mat deem mir selwer vum Herrgott getréischt ginn.
5 Well esou wéi d'Leide vu Christus a groussem Mooss op äis duerkënnt,
esou kënnt äis duerch Christus
och a groussem Mooss Trouscht zou.

6 Si mir awer am Leed,
dann ass dat fir ären Trouscht an äert Heel;
gi mir getréischt,
dann ass och dat fir ären Trouscht;
dee wierkt sech dann aus,
wann dir gedëlleg déiselwecht Leiden erdrot,
déi och mir erleiden.
7 An eis Hoffnung fir iech steet fest,
well mir wëssen:
Esou wéi dir Undeel hutt um Leiden,
esou hutt dir och Undeel um Trouscht.

*L. Dem Herrgott säi Wuert.*
*A. Mir danken dir, Här.*